Chaque groupement politique peut s'exprimer sur une page du bulletin communal « De Buet » pour chaque séance du conseil communal pour expliquer son vote et présenter son point de vue concernant les points figurant à l'ordre du jour.

Jede politische Partei verfügt über eine Seite im Gemeindeblatt „De Buet" pro Gemeinderatssitzung, um ihr Abstimmungsverhalten zu begründen beziehungsweise ihre Standpunkte zu einzelnen Punkten der Tagesordnung zu erklären.

déi gréng Fraktioun
Gemeng Réiser

## Gréng Stellungnam zum Gemengerot vum 10. Februar 2020

Dëse Gemengerot war gepräägt vum Gedenken un de vertuerwenen **Eugène Berger**. Säi stënterlechen Doud huet ons geschockt an ergraff! Virun 30 Joer ass den Eugène als 1. Lëtzebuerger um héchste Bierg vun der Welt an d'Geschicht agaangen. Ouni Sauerstoffläschen a Sherpaen, mee dofir mam Wope vun der Gemeng Réiser! Eng Leeschtung déi Kënnen, Ausdauer a Wëllenskraaft verlaangt; Eegenschaften, déi hien och als Politiker ausgemaach hunn. Hien huet gäre mam Fanger ob d'Wonn gewisen an huet gesot wat en duecht, och wann dat net ëmmer gutt ukoum. Hien wäert eis op der Oppositiounsbänk feelen. Loosst eis ni vergiessen, datt sech och hannert engem routinéierte Politiker, eng sensibel Privatpersoun verstoppt. Äddi Eugène! Ons häerzlecht Bäileed senger Famill an Ugehéiregen, an och de bloe ParteikolleegInnen.

De Gemengerot huet op eis Ufro hin och iwwert de **Verkaf vum ale Postbüro** diskutéiert. Mir bedauere staark, datt dëst zentral geleeënt Gebai net vun der Gemeng kaaft gouf, fir et nieft dem Logement och fir aner Aktivitéiten a Servicer ze notzen. De Schäfferot an d'Post sinn sech leider net iwwert de Präis eens ginn, well d'Gemeng net méi wéi 450.000€ wollt ausginn.

**D'Réiser Gemeng huet d'Urgence Climatique unerkannt** a sech verflicht Mesuren ze ergräife fir d'CO2-Emissiounen, am Aklang mam wëssenschaftleche Konsens, à terme op Null ze reduzéieren. Elo ass et um Schäfferot fir der Urgence entspriechend mat neier Dynamik d'kommunal Efforten am Sënn vu Klimaschutz an nohalteger Entwécklung ze verstäerken. Eis gréng Ënnerstëtzung dofir ass evident.

Als Gréng wëlle mir d'Aarbecht an de berodende Gemenge-Kommissiounen opwäerten an haten dem Schäfferot proposéiert **d'Rapporte vun de Kommissiounen an Zukunft net méi als Geheimnis** ze behandelen, mee se - ouni vertraulech Donnéeën- fir all d'BiergerInnen online ze publizéieren. Leider huet LSAP-CSV Koalitioun dës biergerfrëndlech Propose ofgeleent.

## Positions vertes au Conseil communal du 10 février 2020

**FR:**

La séance fut marquée par la mort récente d'**Eugène Berger**. Il y a 30 ans, Eugène est entré dans l'histoire comme 1er luxembourgeois ayant escaladé la plus haute montagne du monde. Au lieu d'oxygène et de sherpas, il y avait aussi emmené les armoiries de notre commune. Cet exploit exigea des connaissances techniques et une endurance physique et mentale certaine; des traits qui le caractérisaient aussi en tant que politicien. Eugène nous manquera. N'oublions jamais que même derrière un politicien routinier se cache toujours une personne sensible. Adieu Eugène ! Nos sincères condoléances à sa famille, ses proches et aux collègues du DP.

Sur notre demande, le conseil a discuté ensuite de **l'ancien bureau de poste de Roeser**, vendu aux enchères le 28 janvier. Nous regrettons fortement que le Collège échevinal n'ait pas repris cet immeuble idéalement situé au cœur du village, à proximité immédiate de l'église et de la Mairie. Malheureusement le prix exigé par la société POST dépassait largement les 450.000€ que le Collège échevinal était prêt à dépenser.

**La Commune de Roeser a reconnu l'urgence climatique** et s'est engagée à prendre des mesures adéquates pour réduire ses émissions de CO2 à terme à zéro ! Le Collège échevinal a donc désormais la tâche de multiplier ses efforts pour la protection du climat et le développement durable. déi gréng ne peuvent que soutenir ces efforts.

Enfin, nous avions aussi proposé aux Conseil de **rendre plus transparent le fonctionnement des commissions consultatives communales**. Or, la majorité LSAP-CSV a **catégoriquement refusée de publier les rapports** de ces commissions et préfère donc continuer à les cacher devant les citoyens de notre Commune.

Chaque groupement politique peut s'exprimer sur une page du bulletin communal « De Buet » pour chaque séance du conseil communal pour expliquer son vote et présenter son point de vue concernant les points figurant à l'ordre du jour.

Jede politische Partei verfügt über eine Seite im Gemeindeblatt „De Buet" pro Gemeinderatssitzung, um ihr Abstimmungsverhalten zu begründen beziehungsweise ihre Standpunkte zu einzelnen Punkten der Tagesordnung zu erklären.

déi gréng Fraktioun
Gemeng Réiser

## Gréng Stellungnam zum Gemengerot – 30.03.2020

LU: Léif Réiserbänner, mir wënschen Iech alleguerten ob dësem Wee, eng ganz gutt Gesondheet a weiderhi vill Courage an dëse schwieregen Zäiten! E grousse Merci un jiddereen deen aus Récksiicht ob anerer, esouvill ewéi méiglech Doheem bleift. An e ganz besonnesche Merci un ons fläisseg Réiser Scouten an all d'Gemengen- an d'Schoulpersonal fir hiren onermiddlechen Asaz!

Dëse Gemengerot war evidenterweis duerch d'Corona Pandemie an d'Moossnamen geprägt, déi geholl goufen, respektiv gestëmmt goufen. Ausserdeem si mir informéiert ginn, dat dem Gemengerot seng personell Zesummesetzung ännert. D'Schäffin Mme Quintus an den Conseiller Reiter zéien sech aus dem Gemengerot zeréck. Si waren, sinn onser Säit ëmmer wuelgestëmmt, fair a konstruktiv entgéint komm. Mir hu si erlieft als lokal Politiker deenen hieren Engagement dem Wuel vun der Gemeng gegollt huet. Mir wënschen hinnen dat Bescht fir hier verdéngte politesch Pensioun. Dem Här Reding als neie Schäffen an den aneren neie Gemengeréit vun LSAP an DP, wënsche mir e gutt Geléngе bei hiren neien Aufgaben a freeën ons ob eng gutt Zesummenaarbecht.

Wat d'Schléissung vun der Spuerkeess zu Léiweng betrëfft, huet de Buergermeeschter erkläert, dat hien an seng Kolleegen aus den Nopeschgemenge weiderhin um Ball bleiwe, fir dat d'Bank des Entscheedung zeréck zitt. Mir ennerstëtzen dess gemeinsam Virgoensweis.

Fir en Haus zu Bierchem, deem säin Terrain gebraucht gëtt fir d'Sportshal vum neie Schoulkomplex, huet d'Gemeng 600.000 € bezuelt. Mir hunn zougestëmmt, mee fannen et nach ëmmer schued, datt d'Postgebai zu Réiser net och vun der Gemeng kaaft gouf.

## Position Verte au Conseil communal – 30.03.2020

FR : Chers habitants, nous vous souhaitons une bonne santé et le courage nécessaire pour traverser cette période difficile. Un grand Merci à tous ceux qui par respect pour la vie d'autrui, respectent les consignes et restent un maximum à la maison. Et un merci très spécial à nos Scouts et aux personnels communaux et enseignants pour leurs efforts.

Cette séance du conseil fut évidemment dominée par l'état des lieux et les mesures ayant du être prises face à la pandémie du Covid-19. Mais nous avons également été informé de changements personnels. Aux fils des dernières années, nous avons appris à connaître les sortants, Mme Quintus et M. Reuter du LSAP, comme des politiciens fairplay et préoccupés par le bien commun. Nous offrons nos meilleurs vœux pour leur retraite « politique » bien méritée et un accueil chaleureux au nouvel échevin, M. Reding, et aux nouveaux conseillers LSAP et DP. Nous nous réjouissons d'une bonne collaboration au sein du Conseil.

En ce qui concerne la fermeture de l'agence bancaire à Livange, le Bourgmestre a affirmé, qu' ensemble avec les maires voisins, il continuera à insister auprès de la BCEE. Nous soutenons clairement cette approche.

Enfin, le Conseil à validé l'achat d'une maison à Berchem pour 600.000.- €, dont le terrain est nécessaire pour la construction du hall sportif du campus scolaire. Nous avons voté « oui » et restons convaincus que la majorité LSAP-CSV a manqué une opportunité précieuse en n'acquérant pas aussi l'immeuble de l'ancien bureau de Poste de Roeser.

Chaque groupement politique peut s'exprimer sur une page du bulletin communal « De Buet » pour chaque séance du conseil communal pour expliquer son vote et présenter son point de vue concernant les points figurant à l'ordre du jour.

Jede politische Partei verfügt über eine Seite im Gemeindeblatt „De Buet" pro Gemeinderatssitzung, um ihr Abstimmungsverhalten zu begründen beziehungsweise ihre Standpunkte zu einzelnen Punkten der Tagesordnung zu erklären.

déi gréng Fraktioun
Gemeng Réiser

## Gréng Stellungnam zum Gemengerot – 11.05.20

LU: Dëse Gemengerot war erëm staark duerch d'Corona Pandemie gepräägt, mee och duerch nei Gesiichter op Säite vun der LSAP an den noutgedrongene Changementer a verschiddenen Organismen a Kommissiounen.

D'Gemengeréit hunn zesumme berode wéi d'Gemeng de Réiserbänner Betriber an den Independante kéint ënnert d'Ärem gräifen, fir hinnen an dëse schwéieren Zäite bäizestoen. Trotz e puer ganz gudden Iddien, déi de Schäfferot och zum Deel well ëmsetzen, ware mir ons eens, datt Benodeelegungen net vermeidbar sinn. Dowéinst den Opruff un Iech, esoubal d'sanitär Kris et erëm erlaabt d'Déngschter vun de Betriber aus der Gemeng esou vill ewéi méiglech an Usproch ze huelen!

Ausserdeem si mir informéiert ginn, dat de Sicona eng nei Konventioun mat enger Privatpersoun agaangen ass, wou Uebstbeem geplanzt goufen a wärend 9 Joer vun hinnen a Stand gehale ginn. Mir si frou, dat de Proprietär vum Bongert sech verflicht, d'Beem net mat Pestiziden ze behandelen. Mir géifen et begréissen, wann och de Buedem net géif mat Pestiziden behandelt ginn an dëse Vertrag no Oflaaf géif verlängert ginn.

Mir hunn och iwwert dat neit Tennishaus zu Crauthem geschwat, wat elo eng Vollholzkonstruktioun gëtt. Doduerch kennen zousätzlech Subside vum Staat ugefrot ginn an d'Gemeng sammelt Punkten am Kader vum Klimapakt. Mir freeën ons fir den Tennisveräin a fannen et gutt, datt de Réiserbänner Leit doduerch och en neie Versammlungsraum zur Verfügung wäert stoen. Dowéinst ënnerstëtze mir dëse Projet weiderhin.

## Position Verte au Conseil communal – 11.05.20

FR: Ce conseil municipal a toujours été caractérisé par la pandémie du Covid-19, de même que par de nouveaux conseillers du côté du LSAP et des changements de compositions de plusieurs commissions et organismes afférents.

Le Conseil communal s'est concerté sur les moyens de soutenir les entreprises de la commune en ces temps difficiles. Malgré quelques très bonnes idées, que le bourgmestre souhaiterait également mettre en œuvre, nous étions néanmoins tous conscients du fait que des inconvénients sont inévitables. Dès lors, nous vous appelons à faire usage le plus possible, dès que la crise sanitaire le permettra, des services des entreprises, des commerçants et des indépendants locaux!

Par ailleurs, on nous a soumis une convention de protection de la nature avec un particulier, où des arbres fruitiers ont été plantés et seront entretenus pendant au moins 9 ans. Nous soutenons ce genre de conventions et sommes heureux que le propriétaire du verger s'engage à ne pas traiter les arbres avec des pesticides. Cependant, nous préférerions que le sol lui aussi ne soit pas traité avec des pesticides chimiques et que la convention soit prolongée après son expiration.

Enfin, nous avons discuté du nouveau local pour le tennis à Crauthem qui sera désormais construit en bois plein. Cela permet de demander des subventions supplémentaires de l'État et notre Commune collectera des points dans le cadre du „Pacte Climat". Nous sommes contents pour le club de tennis, mais apprécions aussi que ce clubhouse poura servir de nouvelle salle de réunion pour les habitants. Nous continuons donc à soutenir ce projet.

Chaque groupement politique peut s'exprimer sur une page du bulletin communal « De Buet » pour chaque séance du conseil communal pour expliquer son vote et présenter son point de vue concernant les points figurant à l'ordre du jour.

Jede politische Partei verfügt über eine Seite im Gemeindeblatt „De Buet" pro Gemeinderatssitzung, um ihr Abstimmungsverhalten zu begründen beziehungsweise ihre Standpunkte zu einzelnen Punkten der Tagesordnung zu erklären.

déi gréng Fraktioun
Gemeng Réiser

## Gréng Stellungnam zum Gemengerot vum 25.05.20

LU: U sech sollt sech dëse Gemengerot just op d'Schoulorganisatioun beschränken, wou wéinst dem Virus och fir d'nächst Joer nach vill Onsécherheete bestinn. Aus Drénglechkeetsgrënn hate mir Gréng awer och eng Motioun preparéiert, fir datt eis Gemeng innerhalb vum Délais (13. Juni) eng kritesch Positioun zur belscher Prozedur fir d'Sich no engem Endlager fir radioaktiv Atomooffäll kéint huelen. Mir sinn frou, datt de Schäfferot dëss Initiativ ennerstëtzt huet, mir eestëmmeg eng ganz kritesch Positioun konnten huelen an eis géint e méiglecht belscht Atomendlager direkt un der Grenz ausgeschwat hunn.

Em wat geet et hei ? => D'Belscht sicht no enger Plaz fir de finale Stockage vun heich- a laangstrahlende radioaktiven Ooffall, deen haaptsächlech aus hieren Atomzentrale stammt, a fir dee se zanter 1975 nach keng Léisung fonnt hunn. Déi zoustänneg belsch Behörd huet dofir Mëtt Abrëll proposéiert desen ultragefеierlechen Ooffall « geologesch » ze stockéieren, dat heescht en einfach e puer honnert Meter déif ze vergruewen an dann ze hoffen, datt während puer honnertdausend Joer !!! – d.h. der Zäit bis d'Radioaktivitéit sech wäit genuch oofgebaut huet fir net méi fir Mënsch an Emwelt geféierlech ze sinn – näischt geschitt. Alleng dess Zäitperiode beweist fir eis Gréng scho wéi geféierlech an och wirtschaflech onsënneg d'Atomenergie ass : Eng privat Firma produzéiert mat engem staark subventionéierte Atomkraaftwierk 40 Joer lang mat enger ganz geféierlecher Technik Stroum, an d'Mënschheet muss da 400.000 Joer lang op dobäi entstanen Atomooffäll opassen. Mir Gréng bleiwe dofir konsequent Géigner vun der Atomkraaft !

De belschen Dossier huet gewisen, dat och 3 geologesch Zonen un der Lëtzebuerger Grenz a Fro kommen : eng am Norden iwwer Ëlwen, eng op der Heicht vum Esch-Sauer Stausee, wou déi betraffe Gesténgsschicht souguer op de Lëtzebuerger Territoire era leeft, an eng drëtt am BE-FR-LU Dräilänner Eck. Besonnesch dei läscht zwou Zonen stellen dobäi en absolut inakzeptable Risiko fir eis Drenkwaasserreserven duer, well se engersäits d'Anzuchsgebitt vum Stausee an eis national Drenkwaaserversuergung betreffen, an anerersäits am Südweste vum Land een identesche Risiko fir d'Drénkwaasserquelle vum SES Syndikat besténg, deen och d'Gemeng Réiser beliwwert.

D'Motiouns-Propose vun Dan Michels gouf och iwwert den „Nationalen Aktiounskomitee géint Atomkraaft" an de SYVICOL (Dachverband vun de Lëtzebuerger Gemengen) an enger méi kuerzer Versioun un all aner Gemengen weider geleet.

## Position Verte au Conseil communal du 25.05.20

FR: Le conseil communal du 25 mai devait initialement être réservé à l'organisation scolaire. Pour des raisons d'urgence, nous avions néanmois demandé le vote d'une prise de position très critique concernant la stratégie belge de stockage des déchets nucléaires, hautement radioactifs.

La période nécessaire pour la réduction suffisante de la radioactivité de ces déchets extrêment dangereux est de plusieurs centaines de milliers d'années et dépasse donc largement l'entendement humain. Il n'existe d'ailleurs toujours pas de solution au niveau mondial et ce depuis le début de l'âge nucléaire il y a 75 ans. déi gréng (les Verts) restent fermement opposés à cette impasse technologique qui permet la production - de surcroit très dangereuse - d'électricité pendant 40 ans, mais dont l'humanité doit ensuite gérer les déchets pendant 400.000 ans! Et nous sommes contents que le Conseil communal de Roeser ait soutenu notre initiative à l'unanimité.

Concrètement, la Belgique étudie un stockage „géologique", c'est-à-dire l'enfouissement profond des déchets dans le sol, en espèrant qu'il soit sûr pendant plusieurs centaines de milliers d'années... A cette fin, le dossier belge mentionnait également les couches géologiques envisageables pour un tel enfouissement, dont 3 zones se situent à la frontière luxembourgeoise: une au nord de Troivierges, une à hauteur du Lac de la Haute-Sûre - dont la couche pénètre même le territoire luxembourgeois ! - et une au sud-ouest dans le coin des trois frontières BE-FR-LU. Les deux dernières zones constitueraient un risque absolument inacceptable pour l'approvisionnement en eau potable du Luxembourg, car le barrage d'Esch-sur-Sûre est la principale source d'eau du Luxembourg, tandis que l'autre zone impacterait les sources du syndicat SES qui fournit 40% de l'eau potable du Sud du pays et notamment à Roeser.

Chaque groupement politique peut s'exprimer sur une page du bulletin communal « De Buet » pour chaque séance du conseil communal pour expliquer son vote et présenter son point de vue concernant les points figurant à l'ordre du jour.

Jede politische Partei verfügt über eine Seite im Gemeindeblatt „De Buet" pro Gemeinderatssitzung, um ihr Abstimmungsverhalten zu begründen beziehungsweise ihre Standpunkte zu einzelnen Punkten der Tagesordnung zu erklären.

déi gréng Fraktioun
Gemeng Réiser

## Gréng Stellungnam zum Gemengerot vum 20.07.20

LU: Och wann mir den 20. Juli, kuerz virun der Summerpaus, nach zimlech vill Punkten um Ordre du Jour hate, wëlle mir an desem Kader just op dräi Punkten agoen.

Dee wuel gréisste Punkt um ODJ war de Bau vun engem neie Veräinshaus. Fir e Präis vu 4,1 Mio Euro wäert d'Gemeng riets niewt der Réiser Kierch eng Annexe un d'Paschtoueschhaus ubauen. Als Gréng freë mer eis, datt Réiser mat desem Projet net just e modernen Ersatz fir den aktuelle Musékssall um Wupp vum Maison-Relais Parking kritt, mee datt dat neit Konzept e richtegt Veräinshaus mat enger ganzer Retsch vu Säll an Notzungsméiglechkeete fir Jonk an Aal virgesäit. Mir begréissen als Gréng awer och, datt bei desem Projet e besonnesche Fokus op nohalteg Baumaterialien an Technik geluecht gett, och wann dest u sech emmer misst de Fall sinn. Den Daach ass z.B. als beplanzte Gréngdaach virgesinn, kombinéiert mat enger Photovoltaïkanlag déi mindestens 30% vum neidege Stroum soll produzéieren. Mir hu gefrot fir den Energlievolet och vum Klimaberoder vun der Gemeng (= Klimapakt) aviséieren ze lossen, an ugereegt mat bessere Solarmoduler nach méi wéi 30% vum Joresstroumbedarf ze decken. Fir de Rescht fanne mir de Projet Veräinshaus ganz gutt, an u sech lang iwwerfälleg.

En zweete wichtege Punkt war d'Décisioun fir e Prêt vun 11,2 Mio. EUR unzefroen. Dese Prêt op 20 Joer war schon am Budget virgesinn, an ass noutwenneg fir laafend an och zukünfteg Projeten ze finanzéieren. Och wa mir net emmer all Investissementer vum LSAP-CSV Schäfferot kënne guttheeschen, an eis beim Budget enthalen hunn, wëlle mir awer betounen, datt esou ee Pret natierlech eng logesch Konsequenz vun den Investissementer a modern Infrastrukture fir eis Gemeng ass. Op de Prêt allerdéngs an deser Héicht neideg ass, doriwwer léisst sech streiden. De Buergermeeschter huet dofir och direkt betount, datt hien drop hofft eventuell net de volle Betrag mussen ze zéien.

Bei der Froestonn wollte mir - als Suite vum vireschte Gemengerot - wëssen, op de Schäfferot scho beim Oofallsyndikat STEP intervenéiert wär fir ze kucken, datt d'Bierger an Zukunft méi Saachen kéinten am Recyclinghaff oofginn amplaz manner. Zanter puer Méint hunn emmer méi Leit reklamméiert, datt se um STEP dachs géifen mat Saachen nees heem geschéckt ginn déi soss akzeptéiert goufen. Mir erwarden eis hei eng schnell Opklärung, a si gespaant op dee zougesootenen Austausch tëscht Gemengerot an STEP Verantwortlechen.

## Position Verte au Conseil communal du 20.07.20

FR: Le point le plus volumineux à l'ordre du jour du 20.07 fut le projet de construction d'un véritable centre associatif (Veräinshaus) profitant à toutes les associations communales en remplacement de salle de musique actuelle. Le projet sera réalisé sous forme d'ajout d'une nouvelle aile au bâtiment du presbytère historique et coutera environ 4,1 mio EUR. En tant que Verts, nous soutenons non seulement le concept d'utilisation du bâtiment profitant à un maximum d'habitant-e-s, mais aussi le focus particulier sur une construction durable, qui devrait en fait être de même pour toute construction. En effet, le toit est p.ex. prévue comme toiture verte combinée avec des modules photovoltaïques pour la production d'environ 30 % des besoins annuels en électricité.

Un troisième point important fut ensuite la décision de contracter un important prêt bancaire de plus de 11 mio d'EUR, afin de pouvoir réaliser les projets infrastructurels. Même si on peut mettre en doute la hauteur de ce prêt, déjà prévu en décembre au budget communal ou nous avons voté abstention, la nécessité est un corollaire de l'investissement dans de nouvelles infrastructures communales. Dans ce sens, le bourgmestre a assuré que dans la mesure du possible et de l'évolution des projets, il espère ne pas nécessiter le montant intégral.

Enfin, lors des questions orales, nous avons souhaité - suite aux discussions lors d'une séance précédente - avoir des renseignements sur la nouvelle politique d'acceptation des déchets aux parcs de recyclage du syndicat STEP et savoir si la Commune serait déjà intervenue auprès des responsables du STEP. En effet, depuis plusieurs mois, de plus en plus d'habitants ont réclamés que leurs déchets précédemment acceptés au parc de recyclage du STEP étaient désormais refusés. Nous espérons avoir rapidement les clarifications nécessaires et attendons avec impatience l'échange de vue proposé entre le conseil communal et des responsables du STEP.

Chaque groupement politique peut s'exprimer sur une page du bulletin communal « De Buet » pour chaque séance du conseil communal pour expliquer son vote et présenter son point de vue concernant les points figurant à l'ordre du jour.

Jede politische Partei verfügt über eine Seite im Gemeindeblatt „De Buet" pro Gemeinderatssitzung, um ihr Abstimmungsverhalten zu begründen beziehungsweise ihre Standpunkte zu einzelnen Punkten der Tagesordnung zu erklären.

déi gréng Fraktioun
Gemeng Réiser

## Gréng Stellungnam zum Gemengerot – 05.10.20

**LU:** Am Oktober hate mir nees e gutt gefëllten Ordre du jour, a kennen hei just op puer Punkten agoen. Mir hunn z.B. **3 Konventioune fir Planzen & Ënnerhalt vu Beem op privaten Terrainen** ugeholl, déi de Sicona emsetzt. Mir freëen eis dobäi, datt d'Gemeng weiderhinn drop besteet dat d'Beem net dierfe mat Pestizide behandelt ginn. Mir ënnerstëtzen dat natierlech, hunn awer drunn erënnert, datt et nach besser wär, wann net just d'Beem, mee déi ganz Parzelle **fräi vu syntetesche Pestizide** wär.

E méi **„quockelegen" Dossier ass fir ons den neie PAP „Wéinzelbaach"** an der Agangskéier zu Réiser, wann ee vun Alzéng kennt. Et ass jo gewosst dat dëss Wiss schon zanter lange Joren **ëmmer mol nees iwwerschwemmt** gett, an och etlech Awunner hate per Reklammatioun op dëse Problem higewisen. Obwuel de Buergermeeschter erkläert huet, datt de finale Projet all technesch Viraussetzungen a Regelen erfëlle géif, fir Iwwerschwemmungen ze vermeiden, konnt hien eis Bedenken net all zerstreeën. Mir gréng hunn dofir **als eenzeg net zougestëmmt**, mee eis enthalen.

Beim Punkt 12, de mëndleche Froen un de Schäfferot, hunn mir e.a. nogefrot firwat datt **d'Kockelscheier nach ëmmer net als Uertschaft klasséiert** ass (mee als „Weiler"), a wou mer dru si mam **Bau vun engem Trottoir laanscht d'Réiserstrooss** op der Kockelscheier. Zumindest wat d'Ëmklasséieren als Uertschaft ugeet, hu mir erreecht dat de Schäfferot nach eng Kéier beim zoustännege Ministère nofreet. **D'Situatioun fir d'Foussgänger bleift awer wuel weiderhinn immens geféierlech**, an et ass extrem bedauerlech, datt et an dësem Dossier einfach net virugeet.

Weider Froen vun eis hunn e.a. d'**Glasfasernetz-Oofdeckung** am Réiserbann, **de Parking-Résidentiel** mat der Opfuederung méi „ZONE"-Schëlder an de betraffene Stroossen opzeriichten, a – beim Punkt 8 - de **Succès vun de Velo-Subsiden** betraff. Mir freeën eis, datt dës kommunal Velo-Promotiounsmesure, déi op eis gréng Initiative hinn agefouert gouf, **vill méi Succès huet wéi erwaart, an dofir de Budget däitlech geheicht gouf**.

## Position Verte au Conseil communal – 05.10.20

**FR:** La séance d'octobre avait à nouveau un ordre du jour bien trop rempli, pour faire ici un résumé complet. Trois des points concernaient p.ex. des **conventions à la plantation et à l'entretien d'arbres sur des terrains privés**, gérées par Sicona. Nous nous réjouissons que ces conventions fixent à chaque fois une **interdiction d'effectuer un traitement pesticide** sur les arbres fruitiers. Or à nos yeux, il serait **encore mieux si l'interdiction concernerait toute la parcelle**.

Un **dossier plus « épineux » nous a été soumis avec le nouveau PAP „Wéinzelbaach"**, situé au grand virage à l'entrée de Roeser en venant d'Alzingen. Il est connu, que cette parcelle connait depuis de longues années des **inondations occasionnelles** et de nombreux voisins du site se sont d'ailleurs plaints auprès de la Commune en pointant ce risque. Bien que le Bourgmestre nous ait assuré que la version finale du projet respecte toutes les exigences et bonnes pratiques en la matière et qu'il n'y aurait donc plus d'inondations, il n'a **pas réussi à dissiper nos doutes** sur ce projet de lotissement. Nous étions donc **les seuls conseillers à ne pas voter OUI**.

Sous le point 12 (Questions au Collège échevinal), nous avons e.a. demandé pourquoi **Kockelscheuer n'était toujours pas classé comme « village »** (au lieu d'« hameau »), et où en était la **construction d'un trottoir le long de la rue de Roeser**, zone très dangereuse pour les piétons. En ce qui concerne la classification, le collège va relancer la demande, mais dans la rue de Roeser, la **situation dangereuse risque de perdurer**.

Nos autres questions visaient e.a. la **couverture en fibre optique** à Roeser, **le « Parking résidentiel »** avec comme proposition d'installer plus de panneaux de signalisation « ZONE », notamment dans les rues concernées, et - au point 8 - **le succès des subsides pour l'achat de bicyclettes**. Nous sommes fier que cette mesure de promotion de la mobilité douce et active, mise en place sur notre initiative, soit devenue **un tel succès que la ligne budgétaire respective a été considérablement augmentée !**

Chaque groupement politique peut s'exprimer sur une page du bulletin communal « De Buet » pour chaque séance du conseil communal pour expliquer son vote et présenter son point de vue concernant les points figurant à l'ordre du jour.

Jede politische Partei verfügt über eine Seite im Gemeindeblatt „De Buet" pro Gemeinderatssitzung, um ihr Abstimmungsverhalten zu begründen beziehungsweise ihre Standpunkte zu einzelnen Punkten der Tagesordnung zu erklären.

déi gréng Fraktioun
Gemeng Réiser

## Gréng Stellungnam zum Gemengerot vum 16.11.20

<u>**LU:**</u> Wéi all Joer huet de Fierschter dem Gemengerot den **aktuellen Zoustand vum Bësch** erkläert an d'Projete fir 2021 virgestallt. De Bësch leid staark ennert der Drechent an et gett probéiert méi op Zorten ze setzen, déi méi resistent sinn. Mir soen him a senge Leit villmools Merci fir hier gutt a sënnvoll Aarbecht.

Mir hun och zougestëmmt fir d'**Gemeinschaft vun den argentinesche Kolla** Indios niewt politeschem Appui och mat 5.000 Euro ze ënnerstëtzen. Niewt Bëschbränn an enger ganz heiger Inflatioun stellt natioerlech och Corona-Pandemi si viru grouss Erausfuerderungen. Si loossen de Kapp awer net hänken a sinn amgangen an hiren Dierfer Infrastrukturen fir Öko-Tourismus opzebauen an d'Gemeng Réiser si och iwwert d'ASBL Solidaresch Hëllef Réiserbann ennerstëtzt. (SHR.lu)

Interessant war och de Punkt 4.1 mam Accord fir de **Kaaf vum Terrain mam Scoutshome** zu Réiser. Ofgesi vum Gebäi, huet de Schäfferot nach net entscheet wéi si déi ronn 30 Ar , déi net ganz bebaubar sinn, notze wëllen. Mir hunn de Virschlag gemaach, deen Deel Terrain deen un d'Uelzecht grenzt als Naturschutzzon ze amenagéieren, z.B. mat engem Weier an engem Storchennaschtangebot. Esou kéint een dëst Grondstéck, dat no bei der Maison Relais leit och fir pedagogesch Zwecker notzen.

An desem Gemengerot goufen och d'**Subsiden-Lëscht vun de Veräiner** adaptéiert an een **extraë COVID-Subside** fir direkt betraffe Veräiner gestëmmt. Dat ass eng wichteg Mossnahm fir zumindest een Deel vun der finanzieller Belaaschtung opzefänken. Generell hoffen mir, datt d'Veräinsliewen dess schwéier Periode méiglechst gutt iwwersteet an sech nom Enn vun der Pandemie, hoffentlech och nei Leit an de Veräiner engagéieren. Grad dess Kriss weist jo wéi wichteg se sinn a wat eis ouni dess bénévol Aktivitéiten alles verluer geet !

Bei de mëndleche Froen, hu mir dem Schäfferot proposéiert, deene Leit eng Hëllefstellung unze bidden déi bei der **Online-Umeldung fir de Large-Scale-Testing** net alleng eens ginn a keen hunn dee se kéinte froen. An am Sënn vu méi Transparenz hu mer och gefrot datt d'Gemeng d'**Zuele vun de Covid-Infektioune** an der Gemengeverwaltung an an onse Schoule reegelméisseg publizéiere soll. Weider Froen hu Reklamatiounen a Punkto Kommunikatioun & Facturatioun vun der Maison Relais betraff, oder och nach d'Zoustännegkeet fir d'**Oofséchere vun Chantieren** lanscht Strooss genee wéi och fir d'Botzen/Flécken, wann d'**Trottoiren knaschteg oder futti** gange sinn. An natierlech och nach ob de Schäfferot schon e Plang huet fir déi grouss **Baamallée am Bann - d'Waarzeeche vun der Gemeng** - ze ersetzen. Wéi och de Fierschter op eis Fro hi betount hat, sinn dess Beem **leider en fin de vie** wäerte lues a lues eng Gefor ginn. Laut Buergermeeschter huet de Schäfferot hei aktuell näischt geplangt.

Mir wënschen Iech den Emstänn entspriechend schéi Feierdeeg a passt gutt ob Iech an déi aner op !

## Position Verte au Conseil communal du 16.11.20

<u>**FR:**</u> Le conseil s'est vu présenter l'état des lieux de **la forêt communale**, qui souffre de la sécheresse. Il faudra travailler davantage avec des espèces plus résistantes. Nous remercions chaleureusement le préposé de la nature et des forêts et son équipe pour le bon travail.

Nous soutenons également, outre l'appui politique, le subside extraordinaire de 5.000€ pour la **communauté indigène des Kolla Tinkunaku en Argentine**. Aux feux de forêts et à l'inflation galopante s'ajoute là-aussi le défi mondial du combat contre la pandémie de Corona. Mais ils n'ont pas lâché le morceau et planifient actuellement des infrastructures d'écotourisme dans leurs villages, un projet soutenu par l'ASBL communale d'aide solidaire (SHR.lu).

Ensuite, le Conseil a validé **l'acquisition du chalet des Scouts et du terrain** afférent. Vu que le Collège n'a pas encore décidé de l'utilisation des 30ar, nous avons proposé d'affecter la zone qui touche à l'Alzette en zone de conservation de la nature, p.ex. avec un étang, une structure de nidification pour cigognes et des activités pédagogiques pour la Maison-Relais toute proche.

Nous avons voté l'adaptation de la liste des associations subventionnables et validé également l'introduction d'un **subside extraordinaire COVID-19 pour soutenir les associations** les plus exposées au niveau financier. D'une manière générale, nous espérons que la vie associative pourra résister à cette période longue et difficile et qu'au bout de la pandémie, de nouveaux habitant.e.s motivé.e.s viennent s'engager au sein des associations locales.

Lors des questions aux Collège, nous avons proposée que la Commune offre **de l'aide aux personnes n'arrivent pas à s'inscrire en ligne** pour un RDV du *Large Scale Testing* et qui n'ont personne d'autre pour les aider. Ensuite, par soin de transparence, nous avons demandé si on ne pourrait pas publier le nombre des cas de COVID-19 au sein de l'administration communale et de l'école. Suite à des plaintes de citoyens, nous avons thématisé la communication et la facturation de la Maison Relais, tout comme la gestion de **la sécurisation des chantiers de rue**, y incluse la responsabilité pour **nettoyer voire réparer des trottoirs cassés.** Enfin, nous voulions savoir si le Collège préparait déjà le **remplacement de l'Allée de peupliers – l'emblème de notre commune** – car, comme l'a souligné le préposé, ces arbres sont en fin de vie. Or, il n'y a pas de projet.

Nous vous souhaitons - à vous et à vos proches - de bonnes fêtes. Soyez attentif à votre santé et à celle des autres!

Chaque groupement politique peut s'exprimer sur une page du bulletin communal « De Buet » pour chaque séance du conseil communal pour expliquer son vote et présenter son point de vue concernant les points figurant à l'ordre du jour.

Jede politische Partei verfügt über eine Seite im Gemeindeblatt „De Buet" pro Gemeinderatssitzung, um ihr Abstimmungsverhalten zu begründen beziehungsweise ihre Standpunkte zu einzelnen Punkten der Tagesordnung zu erklären.

déi gréng Fraktioun
Gemeng Réiser

## Gréng Stellungnam zum Gemengerot – 17.12.20

LU: Fir déi Gréng ass et essentiell wichteg, datt d'Gemengen elo kee renge Krisebudget 2021 stëmmen. Et ass gutt ze probéieren nees Normalitéit mat eran ze bréngen. Souwuel psychologesch wéi och wat déi eenzel Prioritéiten ugeet, ass et wichteg aus dem permanente Covid Krisemodus vun 2020 eraus ze kommen. **Et dierf awer och net einfach „*Business as usual*" Politik gemaach ginn. Des Kris ass och eng Chance fir eis och op lokalem Plang méi staark par rapport zu den anere globalen an nationalen Erausfuerderungen opzestellen,** déi ebenfalls eis voll Opmierksamkeet brauchen: Klimawandel, Biodiversitéitsverloscht, Logementskris, sozial Ongläichheeten déi klammen, ... Fräi nom Motto *„Think global, act local"* ass och eis Gemeng an der Flicht! **An der aktueller Kris ass et fir eis awer och noutwenneg zesummen ze stoen, an ze weisen datt mer zesumme besser a méi séier aus der Krise kënne kommen. Alles dat wollte mir mat eisem JO-Vott zum „Krise"-Rectifié 2020 an zum Budget 2021 ausdrécken!** Trotzdeem hu mer natierlech politesch Differenzen, grad och a Punkto ökologesch Konsequenz a Vitesse mat där et viru geet. Dofir hunn déi gréng Gemengeréit Nadine Brix an Dan Michels och etlech kritesch Téin an hire Rieden uklénge gelooss.

Mam neie Klimagesetz vun Ufank Dezember huet sech eist d'Land verbindlech Klimaschutzziler ginn, déi et elo gëllt ëmzesetzen: iwwert d'Hallschent manner Zäregasemissiounen bis 2030 an d'Klimaneutralitéit bis 2050. Hei zu Réiser sinn et deemno dësen an den nächste Schäffen- a Gemengerot déi dëst Ziel mussen erreechen. Mee de politesche Wëllen alleng geet net duer. Ouni déi néideg Expertise a Personal ass eng nei Dynamik am Klima- an am Ëmweltberäich zu Réiser net machbar. -55% an 10 Joer an -100% an 30 Joer areeche mer net mam aktuelle gemittlechen Tempo. Dofir hu mir de **Schäfferot opgefuerdert esou séier wei méiglech op mannst 2 zousätzlech Posten am Klima- an Energieberäich ze schafen an déi 1. Gemeng mat engem Transitiounskoordinator ze ginn!** An den 90'er Joren huet Réiser zu de Pionéier-Gemengen am Ëmwelt, Energie an Nord-Süd Beräich gehéiert. Dat ass d'Dynamik déi mir elo nees brauchen a wou mir nees hiwëllen.

Eng weider konkret Propose am Emweltberäich war eis **Motioun fir an Zukunft bei Gemengeprojeten op Isolatiouns-Matrialien wéi Steropor oder Sterodur ze verzichten** an hei en nationale Virreider ze ginn. Des Motioun wäert réischt an engem spéidere Gemengerot debattéiert ginn.

Bei de grousse Bauprojeten an Investissementer fält op, dat d'Kockelscheier a Léiweng ze kuerz kommen. Erfreelech ass awer, dat mir verschidde vun onsen Iddien an Ureegungen am Budget erëm fannen. Z.B een **Architekteconcours**: Ufanks krute mer ëmmer eng Ofso wa mer op dess Méiglechkeet higewisen hunn, mee freeën eis elo datt de Schäfferot se schlussendlech 2020 fir de **Projet Duerfkär Peppeng** mat Erfolleg opgegraff huet.

**- Biergerbedeelegung:** déi gréng Réiser setzen sech zanter der Grënnung dofir an, datt d'BiergerInnen bei wichtegen Entscheedungen aktiv agebonne ginn, an datt och d'Biergerkommissiounen transparent funktionéieren, mee kruten kaum een oppent Ouer. Am Kader vum **Masterplang Hierschterbierg** gouf awer en Ufank gemaach, an 2021 soll et **zu engem weidere Bierger-Workshop** kommen. Mir encouragéieren de Schäfferot an där Optik weiderzemaachen.

**- Nopeschfester:** Soubal et erëm méiglech ass onbeschwéiert zesummen ze feieren, schloe mir vir d'Nopeschfester an onsen Stroossen an Dierfer **vu Gemengesäit aus duerch Knowhow an materieller/logistescher Hëllef aktiv ze ënnerstëtzen**. Bei eiser formaler Demande am Gemengerot war de Schäfferot allerdéngs ofleenend wat d'Logistik ugeet. Et freet eis awer, datt zumindest en extra Kredit am Budget steet! Fir eis ass den Investissement an d'Leit méi wichteg, wéi deen an de Beton. **Een Invest fir en harmonescht Zesummeliewen tëscht de verschiddenen Nationalitéiten, en Invest a gutt Noperschaftsrelatiounen a fir eng besser Integratioun vun den neie Lëtzebuerger oder Netlëtzebuerger Awunner! An dat selwecht gëllt och tëscht Jonk an Al. Grad elo, no dësem Joer.**

Weider Iddien déi mir der Majoritéit dëst Joer ginn hu sinn z.B.:

**- D'Veräiner an d'Veräinsliewen am generelle sollte vun der Gemeng méi aktiv ënnerstëtzt ginn. Net just duerch en neit Veräinshaus, mee och fir d'Sich no neien Offeren an neie Memberen !**Z.B. duerch eng Ëmfro wat d'Hobbyen an d'Interesse vun de Leit sinn a wat se sech als lokal Aktivitéiten géife wënschen, kéimen wuel etlech pertinent Iddien op d'Tapéit. Am selwechte Kader kéint een och d'Offer u Gemengecoursen erweideren. **Firwat net och z.B. eppes am Beräich vun Robotik, 3D-Drockere a Programméieren, Hip-Hop- a Rapmusek, e Geschécklechkeetsparcours („Ninja" fir Jugendlech an Erwuessener, asw. ?**

- Soulang et pertinent ass, Jonken déi Doheem schlecht Viraussetzungen fir Homeschooling hunn, ubidden an engem Raum an der Gemeng kennen ze schaffen.

- Vill berodend Biergerkommissiounen hunn och viru Corona net gutt fonctionéiert an sinn zum Deel dëst Joer ganz am Virus-Wanterschlof, obwuel et mëttlerweil kee Problem wär se iwwer Videokonferenz ofzehalen. Dat huet och den Online Info-Owend zur Solarenergie/PV gewisen, deen den Dan Michels iwwert d'Réiser Klimateam initiéiert hat.

**Mir wënsche lech All e gudde Rutsch an d'Joer 2021, dat jidderee gesond bleift a mir dës schwéier Corona-Zäit méiglechst séier hannert eis loossen !**

## Position Verte au Conseil communal – 17.12.20

TRADUCTION FR: https://www.facebook.com/grengreiserbann ou code QR: